N° 5572
Reçue le 23.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz, a vun der Madamm Paulette LENERT, Ministesch fir Gesondheet, op d'parlamentaresch Ufro n° 5572 vum 25. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

Wann et sech bei de Statistike aus der parlamentarescher Ufro ëm nostoend Source handelt : https://statistiques.public.lu/stat/TableViewer/tableView.aspx?ReportId=13020&IF_Language=fra&MainTheme=3&FldrName=3&RFPath=118, dann sinn déi Chifferen aus der nostoender Tabell vum sougenannte „Service épidémiologie et statistique" deen d'Donnéeën aus dem Regëster vun den Doudesursaache (Registre des causes de décès) exploitéiert a sammelt.

De Code ICD10[1] ass exploitéiert ginn fir d'Joeren 2010 bis 2020 fir op déi verschidde Froen aus der parlamentarescher Ufro z'äntwerten.

Et sief och nach ugemierkt dass déi verschidde Erklärungn zu de Coden aus der Tabell op franséisch erkläert sinn, fir e bessert Verständnis vun de Notiounen.

	Accidents			Suicides			Homicides			I.N.D.*			Guerre	
Années	W32	W33	W34	X72	X73	X74	X93	X94	X95	Y22	Y23	Y24	Y36.4	Total
2010				4	1	4				2				11
2011						6								6
2012		1				7			1			1		10
2013		1				4								5
2014				2		5	1							8
2015					1	4			1			1		7
2016				1		7			1			2		11
2017						3								3
2018				3	1	1								5
2019				1	1	2								4
2020p				*2*		*8*	*1*							*11*
Total	0	2	0	13	4	51	2	0	3	2	0	4	0	81

➔ Source : Registre des causes de décès
➔ *p : les données de 2020 sont provisoires.*
➔ * I.N.D. : intention non déterminée
➔ Codes ICD10 exploités
- Exposition à des forces mécaniques

[1] https://icd.who.int/browse10/2019/en#/

  - W32 : décharge d'arme de poing
  - W33 : décharge de fusil, de carabine et d'arme de plus grande taille
  - W34 : décharge d'armes, autres et sans précision
- Lésions auto-infligées (suicides)
  - X72 : lésion auto-infligée par décharge d'une arme de poing
  - X73 : lésion auto-infligée par décharge de fusil, de carabine et d'arme de plus grande taille
  - X74 : lésion auto-infligée par décharge d'armes à feu, autres et sans précision
- Agressions
  - X93 : agression par arme de poing
  - X94 : agression par fusil, de carabine et arme de plus grande taille
  - X95 : agression par des armes à feu, autres et sans précision
- Intention non déterminée (I.N.D.)
  - Y22 : décharge d'une arme de poing, intention non déterminée
  - Y23 : décharge de fusil, de carabine et d'arme de plus grande taille, intention non déterminée
  - Y24 : décharge d'armes, autres et sans précision, intention non déterminée
- Y36.4 : Fait de guerre impliquant le tir d'armes à feu et autres moyens de type classique

Ad Fro 1) : *Wéi vill Persoune sinn an deene leschten 10 Joer duerch den Asaz vu Schosswaffen duerch Drëtter ëm d'Liewe komm?*

Ënnert der Bedingung datt een den Asaz vun Schosswaffen duerch Drëtter wéi een Homicide a Funktioun vun de Coden zielt, (codes ICD10 : X93, X94 et X95), sinn an den 10 leschte Joer 5 Persounen ëm d'Liewen komm. *(La codification ICD10 permet d'identifier l'usage volontaire par un tiers d'une arme à feu provoquant la mort d'une personne : homicide -> codes ICD10 : X93, X94 et X95. La codification ICD10 ne permet pas d'identifier si une personne tierce a été impliquée en utilisant une arme à feu provoquant involontairement la mort d'une personne -> W32, W33 et W34.)*

Generell sief bemierkt, wéi och aus dem Tableau ervir geet, dass bei 6 Leit d'Intentioun net konnt determinéiert ginn.

Ad Fro 2) : *Wéi vill Mannerjäreger sinn an deene leschten 10 Joer duerch Schosswaffen ëm d'Liewe komm (Drëtter grad ewéi Suicide)?*

Bei deenen 81 Persounen déi tëschent 2010 an 2020 duerch Schosswaffen ëm d'Liewe komm sinn waren d'Persounen all volljäreg.

Ad Fro 3) : *Wéi vill Persounen hunn sech an deenen leschten 10 Joer mat Schosswaffen d'Liewe geholl?*

Vun dësen 81 Persounen déi tëschent 2010 an 2020 duerch Schosswaffen ëm d'Liewen komm sinn, hunn sech 68 d'Liewen geholl.

Ad Fro 4) : *An den USA kënnt et leider vill ze oft zu Tragedien, wou Mannerjähreger duerch een Accident Erwuessener mat enger Waff erschéissen. Goufen et och schonn zu Lëtzebuerg esou Fäll an deene leschten 10 Joer?*

Am Fall vun enger "exposition accidentelle à une arme à feu" féiert de Regëster keng Donnéeën doriwwer ob eng drëtt Persoun agebonnen war.

_____

Lëtzebuerg, den 23 Februar 2022.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson